N°4067
Entrée le 08.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch an dem Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel op d'parlamentaresch Fro n°4067 vum 7. Mee 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen**

***Fro 1:***

***Wéi bewäert d'Regierung déi ugekënnegt Reduzéierung vun den amerikanesche Militärkapassitéiten an Europa a fir wéi eng Moossnahmen wäert si op europäeschem Niveau ënnerstëtzen?***

D'Regierung bewäert d'Presenz vun US Forcen an Europa als eng wichteg a positiv Contributioun zu eiser allgemenger Dissuasioun an Defense. D'Organisatioun vun de Forcen an d'Fluktuatioun vun den Zuelen ass z'erwaarden an en ligne mat dem scho méi laang annoncéierte "Burden shifting" innerhalb der NATO. D'Europäesch Alliéiert, dorënner Lëtzebuerg, stäerken hir Defensekapazitéiten, fir eng méi stabil Sécherheetslag an Europa z'assuréieren.

***Fro 2:***

***Wéi eng Roll gesäit d'Regierung fi r Lëtzebuerg bei der Verdeedegung vun der NATO souwéi Europa?***

Lëtzebuerg huet eng Roll als solidareschen Alliéierten, wouwéinst d'Regierung decidéiert huet dass mir eis Defensekapazitéiten iwwer déi nächst Jore stäerken an eisen Effort de défense graduell erhéijen.

***Fro 3:***

***A wéi enger Form wäerten d'Lëtzebuerger Satellitteninfrastrukturen fir den ELSA-Programm agesat ginn?***

Aktuell ass Lëtzebuerg net Deel vum ELSA-Programm an dofir ginn d'Lëtzebuerger Satellitteninfrastrukturen net an deem Programm agesat.

Lëtzebuerg, den 5. Juni 2026.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes